FROXIMUN®

TOXAPREVENT® MEDI AKUT

GEBRAUCHSINFORMATIOUN

60 Kapsele jee 370 mg

LËTZEBUERGESCH

Liest déi vollstänneg Gebrauchsinformatioun suergfälteg duerch, éier Dir d'Medezinprodukt anhuelt.

- Versuergt d'Gebrauchsinformatioun, vläicht wëllt Dir se spéider nach eng Kéier liesen.
- Wann Dir Froen hutt, went lech wgl. un Ären Dokter, Therapeut, Apdikter oder direkt un d'FROXIMUN AG als Hiersteller.
- Dëst Medezinprodukt ass rezeptfräi a fräi verkeeflech.

1. Wat ass TOXAPREVENT® MEDI AKUT a woufir gëtt et ugewant?

TOXAPREVENT® MEDI AKUT Kapselform ass en natierlecht Medezinprodukt mam mineraleschen Inhaltsstoff MANC®, engem natierlechen Zeolith-Klinoptilolith mam Plus u Colostrum. Et déngt der Stäerkung vun der Daarmwandbarrière bei periodescher physescher Belaaschtung. De Wierkstoff MANC® duerchleeft de Verdauungstrakt, entfaalt do seng physikalesch Wierkung a gëtt net verstoffwiesselt.

2. Wat musst Dir virum Anhuele vun TOXAPREVENT® MEDI AKUT beuechten?

- Huelt d'Kapselen eréischt onmëttelbar virun der Uwendung aus dem Blister.
- Huelt ëmmer nëmmen déi Quantitéit u Kapselen eraus, déi Dir zum Zäitpunkt vum Eraushuelen uwende wëllt.

TOXAPREVENT® MEDI AKUT däerf net ageholl ginn:

- Bei bekannter Allergie oder Iwwerempfindlechkeet géint een oder méi Inhaltsstoffer. (kuckt Punkt 6: Inhaltsstoffer a Bestanddeeler)
- Opgrond vun aneren onzoureechenden Untersuchungen u schwangere Fraen esouwéi stëllende Mamme soll op d'Anhuele vun TOXAPREVENT®-Medezinprodukter wärend der Schwangerschaft esouwéi der Stëllzäit verzicht ginn.

Besonnesch Virsiicht beim Anhuele vun TOXAPREVENT® MEDI AKUT ass erfuerderlech bei:

- A seelene Fäll kann d'Anhuele vun TOXAPREVENT® MEDI AKUT a Kapselform zu Constipatiounen (Obstipatioun) oder Bläunge féieren. (seelen: ka bis zu 1 vun 1 000 Behandelte betreffen)
- Wann Dir ënner enger chronescher Constipatioun leit, da sollt Dir d'Anhuele vun TOXAPREVENT® MEDI AKUT a Kapselform mat besonnescher Virsiicht duerchféieren. An esou Fäll berot lech virum Anhuele mat Ärem Dokter, Therapeut oder Apdikter.
- Uecht ëmmer op genuch Flëssegkeetszoufuer beim Anhuele vun TOXAPREVENT® MEDI AKUT a Kapselform, fir obstipéierenden (verstoppenden) Effekter entgéint ze wierken.
- Et leie net genuch Erfarungen iwwer d'Anhuele vun TOXAPREVENT® MEDI AKUT bei Kanner vir. Dohier gëtt d'Uwendung bei Kanner ënner 12 Joer net empfuel.

Beim Anhuele vun TOXAPREVENT® MEDI AKUT mat Medikamenter:

Fir onerwënscht Wiesselwierkunge mat Medikamenter ze vermeiden, ass en Ofstand vun 2 Stonnen anzehalen, well keng systematesch Untersuchungen zu Wiesselwierkungen oder Beaflossunge vu Medikamenter duerch d'Anhuele vun TOXAPREVENT® MEDI AKUT a Kapselform virleien. Sollt Dir Medikamenter anhuelen, stëmmt den zäitlechen Ofstand vum Anhuele vun TOXAPREVENT® MEDI AKUT wgl. mat Ärem Dokter oder Therapeut of.

3. Wéi ass TOXAPREVENT® MEDI AKUT anzehuelen?

- Wa vun Ärem Dokter oder Therapeut net anescht verschriwwen, huelt 1 – 2 Kapselen TOXAPREVENT® MEDI AKUT ca. 30 Minutte viru jiddwer Molzecht bis dräi mol deeglech mat genuch Flëssegkeet (z. B. mat 200 ml plattem Waasser) an.
- Iwwerschreit net déi uginn Dagesdosis vu 6 Kapselen.
- Sollt Dir vun der Anhuelquantitéit ofwäiche wëllen, da schwätzt wgl. virdru mat Ärem Dokter oder Therapeut.

Uwendungsdauer

D'Dauer vun der Behandlung mat TOXAPREVENT® MEDI AKUT sollt 30 Deeg net iwwerschreiden. Bei widderhollenem Anhuele sollt eng Uwendungspaus vu mindestens enger Woch agehale ginn.

Géigemoossname bei Uwendungsfeeler, Iwwerdoséierung oder Niewewierkungen:

Wann Dir aus Versinn eng gréisser Quantitéit ewéi déi virgesinn Doséierung ageholl hutt, kënne verstäerkt Niewewierkungen optrieden. An dëse Fäll gëtt eng Reduzéierung vun der Annamquantitéit op eng Kapsel vir jiddwer Molzecht an d'Erhéijung vun der Flëssegkeetszoufuer empfuel. Bei unhalenden Niewewierkunge stellt d'Anhuelen an a consultéiert Ären Dokter oder Therapeut.

4. Wéi eng Niewewierkunge si bekannt?

A seelene Fäll kann et zu Constipatioun oder Bläunge kommen (seelen: ka bis zu 1 vun 1 000 Behandelte betreffen).

Melle vun Niewewierkungen

Wann eng vun den opgeféierten Niewewierkungen lech erhieflech beanträchtegt oder Dir Niewewierkunge bemierkt, déi net an dëser Gebrauchsinformatioun ugi sinn, informéiert wgl. Ären Dokter, Therapeut, Apdikter an/oder déi ënnen ugeféiert E-Mail-Adress vun der FROXIMUN AG oder kontaktéiert eis ënner der och do opgeféierter Servicenummer.

Hiersteller a Mellplaz:	FROXIMUN AG, Neue Straße 2a, D - 38838 Schlanstedt
Telefon:	+49 39401 632-0
Telefax:	+49 39401 632-199
E-Mail:	anwender@froximun.de
Verantwortlech Persoun (PRRC):	+49 39401 632-320

FROXIMUN®
TOXAPREVENT® MEDI AKUT

GEBRAUCHSINFORMATIOUN

60 Kapsele jee 370 mg

LËTZEBUERGESCH

5. Wéi ass TOXAPREVENT® MEDI AKUT ze versuergen?

- ausser Reechwäit vu Kanner versuergen
- dréchen an tëschent 5 °C – 40 °C lageren
- virun direkter Sonnenastralung schützen
- net méi laang ewéi ugi verwenden
- verwendbar bis: kuckt Falschachtel oder Prägung/Drock um Rand vun der Blisterverpackung

6. Weider Informatiounen

Inhaltsstoffer an aner Bestanddeeler

- 1 Kapsel enthält 370 mg Polver
- Inhaltsstoffer: MANC® (Naturzeolith-Klinoptilolith), Colostrum (Rand)
- Kapselmaterial: Cellulos, Gellan

Informatioun zum MANC®

- 100 % natierlech, glutefräi, laktosfräi
- Beim Wierkstoff handelt et sech ëm e modifizéiert Alumosilikat.
- kauscher, halal: Mir bestätegen heimat, datt MANC® an engem Prozess aus mineralesche Réistoffer hiergestallt gëtt. D'Produkt enthält keng déieresch Bestanddeeler, Blutt oder Nieweprodukter dovun esouwéi Alkohol.
- Bei der Produktioun vu MANC® kommen ausschliisslech Réistoffer vu mineraleschem Ursprong zum Asaz.

Informatioun zum Colostrum

- entkaseinéiert Molkpolver aus Koucolostrum
- enthält Laktos
- biologesch Hierkonft

Informatioun zum Kapselmaterial

- mosaierresistent
- als kauscher an halal unerkannt, als vegan a vegetaresch zertifizéiert
- keng cheemesch Zousätz oder Léisungsmëttel enthalen

7. Hierstellerinformatioun

FROXIMUN® AG, Neue Straße 2a, 38838 Schlanstedt, Däitschland
Telefon: +49 39401 632-0, Telefax: +49 39401 632-199
E-Mail: info@froximun.de

Dës Gebrauchsinformatioun gouf fir d'lescht iwwerschafft: 02.09.2022